# d'Peffermillen



Enn Oktober gouf d'*Luxembourg School of Finance* virgestallt. Op hirem Internet-Site presentéiert déi Schoul sech als eng Facultéit vun der zukünfteger Uni Lëtzebuerg, déi et jo nach guer net gëtt. Der Héichschoulministesch no, di dorop an enger parlamentarescher Fro vum Deputéierte Ben Fayot ugesprach gouf, ass déi Schoul provisoresch dem Centre Universitaire ënnerstallt. Deem säi President ass d'Existenz vun der Schoul awer aus der Invitatioun op di Presentatioun gewuer ginn. `T ass op d'mannst komesch, dass e President net weess, dass säin Institut eng nei Schoul opmecht. Vläicht war e just dee Moment an der Vakanz, oder dat verstinn s'am Héichschoulministär ënnert Transparenz, vun där se su vill schwetzen. An der Dages- a Wochepress war och den Avis ze liesen, dass de Staat den Équipement fir déi Schoul an engem Gebei op der Escher Strooss ausgeschriwwen huet. Fir 120 Studenten! An um Centre Universitaire um Lampertsbierg feelt et un allen Ennen u Seminarreim, Bibliothéiksregaler, asw. Mä déi Studente brauche jo och keng 17500 Euro fir hir Aschreiwung ze bezuelen.

**m.p.**

Nom *forum*-Dossier iwwert d'Gebuert (Nr. 209/2001) hate sech Eltere beim *forum* beschwéiert, dass et net méiglech ass, en doutgebuerent Kand an aller Dignitéit ze begruewen. De Koschter war der Saach nogaang an hat op eng Méiglechkeet higewisen, di d'Maternité an der Stad Lëtzebuerg ubitt (*forum* Nr. 215). Den Deputéierte Patrick Santer hat och dem Justizminister Luc Frieden d'Fro gestallt. Deen huet elo geäntwert (Compte rendu n° 2/2002-2003, Q6), allerdéngs net op d'Fro vum Begriefnis, e konnt jo net zouginn, dass de Koschter besser informéiert ass. Mä e seet, am neie Gesetz iwwert de Numm vum Kand wär virgesin, dass dat doutgebuerent Kand och e Numm kritt, wat nom Dekret vun 1806 net méiglech ass, an dass et dann och kann ugemellt an an d'Familjebuch ageschriwwe ginn.

**m.p.**

